Hubert Hausemer

# Islamesche Foulard

Lo hunn d'Laïzisten eng nei Existenzberechtegung fonnt: an de lëtzebuerger Schoulen hu si den islamesche Schleier entdeckt, an direkt och nach an duebler oder souguer dräifacher Oplag. Lo wësse si erëm, woufir se do sinn: et gëlt, dëse Foulard ze bekämpfen an d'Schoul dervun ze befreien.

Mä, am Eescht: d'Opfaassung, déi d'Laïziste vun der Schoul hunn an déi am Hannergrond vun hirer Juegd op de Foulard steet, ass menger Meenung no onrealistesch an irresponsabel. Fir si ass d'Schoul eng Aart neutralen Terrain, op deem absolut gläich an ondifferenzéiert Wiese sech begéinen, d.h. zukünfteg Bierger, déi nëmmen als Bierger, also als gläichberechtegt Rechtssubjekter do antrieden an am Vestiaire hir Identitéit, d.h. alles, wat si ënnerscheed, zréckloosse mussen. Alles, wat eng Differenz signaliséiert, huet an der ëffentlecher Schoul fir si keng Plaz, mä gehéiert an de private Beräich. Dofir och däerfen an der Schoul keng Zeeche gedroe ginn, déi sou en Ënnerscheed, sief e reliéis, politesch oder gewerkschaftlech, zum Ausdrock bréngen.

Fir et mat de Wierder vun engem eminente franséische Laïzist ze soen, dem Henri Pena-Ruiz, a sengem leschte Buch: " L'école n'est pas faite pour introniser les particularismes, mais pour instruire et libérer: la mise à distances des appartenances rend possible le dialogue à partir de l'expérience d'un monde commun aux hommes". A fir datt och jiddwereen am Kloren ass, setzt en derbäi: "Est public (et geet jo ëm d'ëffentlech, staatlech Schoul) ce qui est commun a tous".

T'ass fir mech kloer, datt eng Aufgab vun der Schoul doranner besteet, de Schüler bäizebrengen, datt si Villes a Wesentleches gemeinsam hunn: si si Mënsche mat gläiche Rechter, si sinn, oder ginn, Bierger vun engem gemeinsame Staat. Mä dat ass awer net alles, dat ass net deen eenzegen Opdrag vun der Schoul, a kann et net sinn. Well d'Schüler si jo och, zugläich a jiddwereen, en eegenen anere Mënsch, jiddwereen mat senger Identitéit; an déi ass psychologesch a charakterlech, mä och ethnesch, kulturell a weltanschaulech bestëmmt. An ee Problem, deen zwar ëmmer schonns bestung, mä haut méi wéi je, läit doranner, ze léieren, och mat dësen Differenzen ëmzegoen, ze léieren zesummen ze liewen, am Fridden, mat an trotz dësen Ënnerscheeder.

**Den islamesche Schleier, d'Kräiz an d'Kippa sollen net nëmen an der Schoul erlaabt sinn, mä si gehéiere regelrecht dohinn.**

A wou sollen eis Kanner dat léieren, wann net an der Schoul? Ech kréien heirop oft vun de Laïziste geäntwert, dat soll an der Famill, also am private Beräich geschéien. Mä loosse mer dach realistesch sinn: an enger Famill, wa se sech scho mat dëser Problematik ofgëtt, besteet normalerweis zevill Gemeinsamkeet, zumindest am weltanschauleche Beräich, fir datt d'Kanner kënnte léieren, Verschiddenheet auszehalen an ze respektéieren. An déi eenzeg Jugendveräiner, déi nach bal bestinn, nämlech Sportsveräiner, hu kaum d'Vokatioun an d'Moyenen fir dat ze machen, also bleift nuren nach d'Schoul.

Mä wéi soll do dat geléiert ginn, wat e Laïzist d'lescht am "Monde" geschriwwen huet: "L'essence d'une éducation à l'oeuvre dans l'école de la République, inspirée par une démocratie, est celle qui prône… la possibilité de vivre nos différences, et même nos contradictions réciproques, dans le souci de l'autre". A la bonne heure, kann een do nëmme soen. Mä wéi soll dat geléiert ginn, wa grad déi Differenzen a Contradictiounen aus der Schoul sollen erausgelooss ginn, wéi nämlech dee selwechte Laïzist schreift, ouni ze mierken, dat hie mat dësem zweete Saz säin éischten vu virdrun onméiglech mécht: "Que l'espace social (domat méngt en net den espace public, mä de kollektiven espace privé) laisse s'exprimer cette diversité, dans le cadre d'un débat démocratique, est juste et même nécessaire. Mais nous sommes encore quelques-uns à penser que l'école, instituée laïque, gratuite et obligatoire, doit rester ce lieu préservé, presque sacré [sic !] de la République où l'enseignement, la culture, le science ne peuvent et ne doivent de par leur neutralité, engager aucun compromis avec les convictions, croyances, modes de vie ou traditions qui s'autorisent, se revendiquent et s'exercent à l'extérieur ".

Kee Wonner datt, a net nëmmen a Frankräich, Jugendlecher an de sougenannte "quartiers sensibles" sech d'Käpp anhaen; d.h. dat am "espace social" Intoleranz a Gewalt herrschen, well am espace public, also och an der Schoul, nie geléiert gouf, friddlech mat Aneschtdenkenden ëmzegoen.

Dofir méngen ech: den islamesche Schleier, d'Kräiz an d'Kippa, mä och all méiglech politesch a gewerkschaftlech Ofzeeche sollen net nëmen an der Schoul erlaabt sinn, mä si gehéiere regelrecht dohinn. Mä dat allerdéngs nëmmen ënner enger anerer Konditioun: datt dës Zeechen, d.h. weltanschaulech a politesch Differenzen an der Schoul zum Thema gemaach ginn, datt driwwer geschwat an debattéiert gëtt an datt schlussendlech probéiert an astudéiert gëtt, dës Ënnerscheeder ze respektéieren.

*Fräie Mikro um radio 100,7*